

VIVRE ENSEMBLE au Luxembourg volet intégration & attachement

Den Titel vum Sondage ass einfach 'vivre ensemble' – zesumme liewen zu Lëtzebuerg an 2 Wieder

a net, le vivre ensemble' d'Zesummeliewen zu Lëtzebuerg an 1 Wuert – e klénge feinen Ënnerscheid, dee, sief gesot, eragerutscht ass an eise Projet; deen Titel schéngt awer méi richtig an ass ubruecht wann een d'Resultater kuckt.

Dës Zeilen hat ech als Intro schonns a ménger 1. Carte blanche am November 2019 geschriwen, an ech loossen se elo och als Ufankszeile stoen.

De **Statec** huet Enn März elo d'Zuelen iwwer **d'Populatioun zu Lëtzebuerg** op den 1.1.2020 verëffentlecht:

53% Lëtzebuurger – 47% Ausländer, Persounen mat anere Nationalitéiten

Als Demograph wëll ech di Zuelen awer nach anescht belichten: 10 bis 15%, méi no bei 15% vun eise Matbierger hun di lëtzebuergesch an och op d'^manst nach éng aner Nationalitéit... wat heescht dat ? Ma dass mer d'Bild fu Lëtzebuerg och esou kenne molen: ongeféier **40%** Stack-Lëtzebuurger (awat heescht dat iwwerhaapt wann 1-2 Generatioune weider geet) an **~60%** Matbierger mat Päss aus allen Härelänner. Di **Bierger mat Duebeler-nationalitéit (LU +) ginn zu ëmmer méi**; sinn déi e Puffer dertéschen...? ech erliewe se éischer als e **Verbindungsstéck**, eng Bréck fir all d'Leit di zu Lëtzebuerg gutt liewen; an di allermeescht di an de läschte Joeren heihi komm sinn a sech néier gelooss hunn, bereien dat net a géifen et nach emol maachen; di héich Lieweskalitéit ass den Haaptgrond.

Wann ech mer di Resultater vum Sondage (hei en Element och aus dem Hierscht -1. Serie Resultater) ukucken, da gesi mer dass **d'Famill** den **Haaptpilier** – di gréisste Stäip, vun eise Matmënschen hirer Identitéit ass (71%); déi Stäip gëtt dëser Deeg op d'Prouw gestallt an ech hoffen dass se stark genuch ass fir dass mer dat **Doheim bleiwen** doduerch besser aushaalen; bei deenen allermeeschten wärt d'Famillen effektiv nach méi zesumme wuessen an zur Stäip ginn, bei aneren färten ech fir de Familjenzesummenhalt.

Krise si Momenter wou sech Situatiounen verdäitlechen, a Relatiounen di fragil sinn sinn a Gefor dann zesummen ze brieche.

Wat **d'Verbonnenheet, den Attachement**, un di verschidden Nivoen an eise Gesellschaftspolitesche Liewen ugeet, gesi mer dass den Ënnerschied tëschen Lëtzebuerg (92%) als Land an Europa (85%) als politesch Unioun zimlech geréng ass; dat ass dach eng gutt Noricht ze gesinn dass di national an di international Dimensioun sech fir di allermeeschte Leit net widersprieche.

E wéineg Suerge mecht de Fait mer dass di **25-35 jähreg** sech manner verbonne spieren mat hierer Geméng oder Uertschaft. Dat ass déi **Altersgrupp** déi op der Sich no énger Wunneng sech donidder léist wou se nach eng Wunneng fénnt di se sech leeschte kann, onofhängeg vun enger emotionaler Präferenz fir dës oder déi Geméng.

De **lokale Nivo** ass nun awer emol deen wou de Lien tëschen de Leit, d'Zesumme-liewen misst entstoen; d'Erfahrungen aus méngeläschte Beruffsjoeren hu mer gewiesen, dass d'Noperschaft mëttlerweil schwiereg ginn ass, an oft net existéiert; nom Motto: éischer gutt niewt eneen wi mateneen. Et wier awer wesentlech dass di jonk Erwuessen, di zukünfteg Generatioun di Verantwortung an der Gesellschaft ze iwwerhuelen huet, sech do géifen wuel fillen wou se wunnen a sech do géifen engagéieren.

Zu Lëtzebuerg stoussen di 2 Phenomener vun allgemenger **Individualiséierung** a **permanenter Awanderung** voll openeen an féieren zu enger méi komplizierter Situatioun.

Interessant ass nach am Sondage ze gesinn **wéi Lëtzebuerger a Net-Lëtzebuerger sech selwer an hir aner Matbierger gesinn**: de Lëtzebuerger fénnt méi oft dass de Net-Lëtzebuerger sech net géif wëllen integréieren op der énger Säit, op der anerer bekënne vill Net-Lëtzebuerger hire Wëllen sech ze integréieren, mee se fannen dass de Lëtzebuerger, hien iwregens och selwer, éischer e verschlossene Charakter huet.

Den **Integratiounsbegrëff**, ass net méi deen wi mer en an der 70er an 80er Joeren benotzt hunn, wéi et eng grouss Majoritéit an eng kleng Minoritéit gouf. Dës Minoritéit ass haut keng méi, se ass och méi heterogen ginn, esou dass Integratioun vrun allem heescht een op deen aneren duergoen fir e géigesäitegt Unhuelen am Respekt vun eisen Differenzen fir e **gemeinsamt Zesummeliewen zu a fir Lëtzebuerg** ze entwéckelen.